Administration communale
de Reckange-sur-Mess



Édition spéciale

Reckange-sur-Mess

# Présentation du Budget 2023

:: www.reckange.lu

RECKENG OP DER MESS :: PIISSENG :: LAMPECH :: EILENG :: RIEDGEN :: WICKRENG



# Impressum

**Heures d'ouverture de l'administration communale**

Lundi à mercredi et vendredi:
8.30 à 11.30 et 14.00 à 16.30
Jeudi: 7.00 à 11.30 et 14.00 à 19.00

**Gemeng Reckeng op der Mess**
83, rue Jean-Pierre Hilger
4980 Reckange-sur-Mess
Téléphone: 37 00 24 - 1
Fax: 37 00 24 - 44
E-Mail: commune@reckange.lu

**Editeur responsable:**
Administration Communale de Reckange-sur-Mess
ISSN 2418-442X

**Mise en page et photos:**
Julien Primout

**Textes:**
Julien Primout, Savas Koroglanoglou


**Impression:**
Imprimerie Ossa
46, rue Gabriel Lippmann
Parc d'activités Syrdall
L-6947 Niederanven

Imprimé en 1.100 exemplaires sur du papier Circle offset recyclé

KlimaPakt EUROPEAN ENERGY AWARD
Meng Gemeng engagéiert sech

myclimate neutral Imprimé
myclimate.org/01-18-878020

FSC www.fsc.org RECYCLE Papier fait à partir de matériaux recyclés FSC® C179465



## Alerte crues!

### Nouveau!

En cas de fortes pluies avec risques de crues:

**Téléchargez notre toute nouvelle CityApp!**

En cas de pré-alertes ou d'alerte déclenchées par la commune, nous vous proposons ce **service gratuit** pour vous tenir informé des dernières mesures mises en place par les services communaux en cas de risques de crues.

Si vous désirez faire partie des destinataires de nos messages d'alerte, **téléchargez l'application CityApp Reckange et souscrivez aux notifications PUSH**. Informations en bas de page 3. (ci-contre)

Pour toute question complémentaire, vous pouvez également nous appeler au 37 00 24 - 26.

# Index


**4-5** Virwuert vum Här Buergermeeschter / *Préface de Monsieur le bourgmestre*

**6** Aleedung & ordinäre Budget 2022 / *Introduction et budget ordinaire 2022*

**7** Ordinäre Budget 2023 / *budget ordinaire 2023*

**8** Évolution de l'ICC et du FDGC

**9** Évolution du service ordinaire

**10** Structure des dépenses ordinaires

**11** Répartition des charges salariales contre autres dépenses

**11** Évolution de la charge salariale de la commune

**12** Extraordinäre Budget 2022 / *Budget extraordinaire 2022*

**12** Extraordinäre Budget 2023 / *Budget extraordinaire 2023*

**13** D'Haaptprojete vum extraordinäre Budget 2023 / *Les projets phares du budget extraordinaire 2023*

**14-15** Staarkreen-Etude vun der Gemeng Reckeng op der Mess / *Etude hydraulique de la commune de Reckange-sur-Mess*

**16** Installatioun vun engem Iwwerschwemmungs-Iwwerwaachungssystem / *Installation d'un système de surveillance des crues*

**16** Subventioune fir Investitiounen an Héichwaasserschutzariichtungen / *Subsides pour des investissements dans des installations de protection contre l'eau en cas d'inondations*

**16** Verkéiersberouegungszon zu Lampech / *Zone de modération du trafic à Limpach*

Eis aktuell Chantieren

*Nos chantiers en cours*

**17** Bau vun der neier Maison Relais / *Construction de la nouvelle Maison Relais*

**17** Amenagement vun der Plaz bei der aler Schoul zu Éileng / *Aménagement de la place devant l'ancienne école d'Éhlange*

**18** Den Ofwaasserkollekter Reckeng-Éileng / *Le collecteur d'eaux usées Reckange-Éhlange*

**18** Amenagement vun der Bushaltestell „Wäschbuer" zu Piisseng / *Aménagement de l'arrêt de bus «Wäschbuer» à Pissange*

Eis ofgeschlosse Chantieren

*Nos chantiers achevés*

**19** De Messwee tëschent Reckeng an Éileng / *Le Sentier Mess entre Reckange et Éhlange.*

**19** De Reckenger Schoulgaart / *Le jardin scolaire de Reckange*


Mat der CityApp Reckeng op der Mess
ass déi ganz Gemeng an Ärer Täsch.
*Avec la CityApp Reckange-sur-Mess,*
*toute la commune est dans votre poche!*



# Léif Matbierger aus der Gemeng Reckeng

Wéi gewinnt presentéiere mir Iech an dësem Buet d'Detailer iwwert de Budget vun Ärer Gemeng fir d'Joer 2023.

Et ass dee leschte Budget vun dëser Legislaturperiod, an als Resumé kann ee festhalen, dass sämtlech Projeten, déi de Gemengerot sech fir dës 6 Joer virgeholl huet, ëmgesat goufen, respektiv an der Realisatiounsphas sinn.

Doniewent konnte mir awer och nach op e sëllegen Imprevue reagéieren an och heifir déi néideg finanziell Mëttele bereet stellen. Als Beispill well ech hei d'Mesuren ernimmen, déi d'Bierger géint d'Auswierkunge vum Héichwaasser, respektiv Staarkreen schütze sollen. No deenen éischte Moossnamen, déi d'lëscht Joer getraff goufen, sinn och dëst Joer dofir nees ronn 600.000 € virgesinn. An dësem Kontext gëtt zum Beispill d'Kanalisatioun an der Rue de la Montée zu Reckeng erneiert (S. 7) – mat engem Käschtepunkt vun 1.850.000 € -, eng Partie Terrainen renaturaliséiert an en Iwwerwaachungssystem (S. 16) installéiert, wat eis an Zukunft fréizäiteg alertéiert wann d'Peegele vun de Baachen an d'Luucht ginn.

Et versteet sech vun eleng dass eis Maison Relais (S. 17) e Groussdeel vun eisen Depensen an Usproch hëlt, genee ewéi de Kollekter, deen eis Ofwässer an d'Schëfflenger Kläranlag leet (S. 18). Haaptsächlech bei dëse gréissere Projeten hunn d'Präishaussen, déi mir an deene leschte Méint hu misse stemmen, eise Servicer vill Kappzerbrieches bereet.

Déi zweet Phas vun der Erneierung vum Duerfkär Éileng, bei der fréierer Spillschoul (S. 17), wäert och deemnächst ofgeschloss sinn, grad esou ewéi d'Erneierung vun der Duerfstrooss mat Realisatioun vun engem Trottoir an engem méi séchere Busarrêt zu Piisseng (S. 18).

Och am Beräich Verkéiersberouegung a Mobilité douce gi weider finanziell Mëttele bereetgestallt. Leider si mir awer an dësem Beräich op d'Zesummenaarbecht mat aneren Acteuren ugewisen, wat sech oft an Etuden a laange Prozeduren erëmspigelt.

Well d'Aufgabe vun enger Gemeng esouwuel am administrativen ewéi am technesche Beräich ëmmer nees wuessen, muss och dorop reagéiert ginn. Esou sinn alleguer eis Servicer besser opgestallt ginn, wat natierlech och en Impakt op den ordinäre Budget huet (+18% fir 2023). E beschtméigleche Service fir d'Bierger ass eng vun de wichtegsten Aufgabe vun enger Gemeng. An dat huet och säi Präis.

Mat engem Montant vun 100.000 € fir Etudë fannt dir och déi 1. Trace am Budget iwwer dee geplangte CIPA (Centre intégré pour personnes agées) deen zu Wickreng geplangt ass. Dëse Projet weiderzeféiere wäert eng vun den Haaptaufgabe vum nächste gewielte Conseil ginn.

Et ass am grousse ganzen nees e Budget, dee sech um Plan pluriannuel orientéiert an dee weiderhin dofir suergt, dass déi elementar Servicer, déi eng Gemeng hire Bierger ubidde wëll, berécksiichtegt ginn, ouni awer eis Moyenen iwwerzestrapazéieren.

Ech wëll hei alleguer de Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Conseil Merci soe fir hiren Input an déi gutt Zesummenaarbecht, wat d'Opsetze vun dësem Budget ubelaangt.

Och eisem Personal aus dem administrativen an technesche Beräich e grousse Merci. Si sinn et, déi alleguer eis Iddie bëndele mussen an dann och nach Chifferen drop setzen.

Vill Spaass beim Entdecke vun den Detailer iwwert de Reckenger Budget fir 2023.

Carlo Muller
Buergermeeschter

## *Chers citoyens de la commune de Reckange*

*Comme d'habitude, nous vous présentons dans ce bulletin les détails du budget de votre commune pour l'année 2023.*

*Il s'agit du dernier budget de cette législation. Pour résumer, nous pouvons retenir que tous les projets entrepris par le conseil communal, en vue de ces six années, ont été réalisés ou sont en phase de réalisation.*

*Parallèlement, nous avons pu réagir face à un nombre important d'imprévus et nous avons mis à disposition les fonds nécessaires pour y remédier. Cela concerne notamment les mesures de sécurité contre la montée des eaux, qui protégeront nos citoyens contre les inondations en cas de fortes pluies. Les premières mesures ont été réalisées l'année dernière et nous avons prévus 600.000 € supplémentaires pour 2023. Dans ce contexte, nous procédons au renouvellement de la canalisation dans la rue de la Montée à Reckange (p. 7), rénovation estimée à 1.850.000 € -, à la renaturalisation d'un certain nombre de terrains et à l'installation d'un système de surveillance des crues (p. 16), qui nous permettra d'être alertés quand le niveau de nos ruisseaux monte.*

*Il est évident que la construction de la maison relais (p. 17) mobilise une grande partie de nos dépenses, tout comme le collecteur, censé acheminer nos eaux usées vers la station d'épuration de Schifflange (p. 18). Dans le cadre de ces projets d'envergure, la hausse des prix relevait du véritable casse-tête pour nos services.*

*La seconde phase du réaménagement du centre du village d'Éhlange, devant l'ancienne école maternelle, s'apprête à être achevé (p. 17), tout comme le réaménagement de la Duerfstrooss à Pissange, combiné à la réalisation d'un trottoir et un arrêt de bus sécurisé (p. 18).*

*Nous continuons à mettre à disposition des moyens financiers importants pour favoriser la mobilité douce et l'apaisement du trafic routier. Dans ce contexte, nous sommes dépendants d'acteurs externes à la commune, ce qui rallonge les études et les procédures.*

*Comme la charge de travail ne cesse d'augmenter au niveau administratif et technique, la commune se doit de réagir. Nous avons renforcé tous nos services et cela impacte notre budget (+18% pour 2023). La tâche principale d'une commune est d'assurer un service impeccable pour ses habitants, mais cela a un prix.*

*Avec un montant de 100.000 €, réservé à des études de faisabilité, le projet du centre intégré pour personnes âgées (CIPA) à Wickrange laisse ses premières traces dans le budget. La poursuite de ce projet sera une des tâches principales du prochain conseil communal.*

*Dans les grandes lignes, le budget s'oriente par rapport au plan pluriannuel et tient compte des services élémentaires de la commune destinés à ses citoyens, sans pour autant dépasser nos moyens.*

*Je voudrais en profiter pour remercier tous les collègues du conseil communal pour leur apport et pour leur coopération dans le cadre de l'élaboration de ce budget.*

*Merci aussi à notre personnel administratif et technique. C'est à eux qu'incombe la lourde tâche de concentrer et de chiffrer nos idées.*

*Je vous souhaite beaucoup de plaisir à découvrir le budget reckangeois de l'année 2023.*

Carlo Muller
Bourgmestre

D'Previsioune vun den Zuele fir de Budget rectifié 2022 respektiv Budget 2023 konnte mir aus der Circulaire budgétaire vum 28. Oktober 2022 enthuelen.

No 2 Joer Pandemie befënnt sech Lëtzebuerg an enger ekonomesch volatiller Situatioun, dëst bedéngt duerch den aktuelle Krich an Europa. Alleguerte spiere mir dës Kris an eisem Portmonni, sief et wéinst der exponentiell Steigerung vun de Réistofferpräisser oder vun der Energie. Obwuel d'Prévisioune fir Haaptrecettë vun de Gemenge weider eropgeet, ginn d'Gemengen awer vun der Inneministesch opgefuerdert eng méi virsiichteg Finanzgestioun ze plangen. En aneren Accent gëtt op d'Energiespuere gesat, dëst iwwert eng Reduzéierung vum Verbrauch vun eiser Energie.

*Les prévisions des chiffres pour le budget rectifié 2022, respectivement pour le budget 2023 ont pu être prélevées de la circulaire budgétaire du 28 octobre 2022.*

*Au bout de deux ans de pandémie, le Luxembourg se trouve dans une situation financière volatile, dû à la guerre qui a éclatée en Europe. Nous sentons passer la crise par notre portefeuille, que ce soit dû à l'augmentation exponentielle des prix des matières premières ou au coût de l'énergie. Même si les prévisions pour les recettes principales des communes continuent de grimper, Madame la Ministre de l'Intérieur encourage les communes à opter pour une gestion financière prudente. Une attention toute particulière est réservée à nos efforts dans le domaine de l'économie d'énergie.*

## Budget ordinaire 2022

| | Budget initial 2022 | Budget rectifié 2022 |
|---|---|---|
| **Total des recettes ordinaires** | 10.260.825,00.- € | 10.711.538,53.- € |
| **Total des dépenses ordinaires** | 8.339.135,00.- € | 7.926.840,00.- € |
| **Excédent propre à l'exercice 2022** | 1.921.690,58.- € | 2.784.698,53.- € |
| **Excédent compte 2021** | 1.712.834,79.- € | 5.025.276,14.- € |
| **Excédent total** | 3.634.525,37.- € | 7.809.974,67.- € |
| **Transfert de l'ordinaire à l'extraordinaire** | 3.287.530,00.- € | 2.230.730,00.- € |
| **Excédent présumé fin 2022** | 346.995,37.- € | 5.579.244,67.- € |

Dës Tabell spigelt zeréck wat am ordinäre Budget initial virgesi gouf respektiv wat am Budget rectifié fir den Exercice 2022 agesat ginn ass. Mir gesinn dass d'Previsioune quasi d'selwecht si wéi dat, wat am initiale Budget virgesinn ass. D'Differenz vu 450.000.- € erklärt sech doduerch, dass den FDGC e Plus vun 3,3% par Rapport zum Compte 2021 virweise kann, also eng Zousazrecette vun 350.000.- € fir d'Gemeng.

Bei den Dépenses ordinaires gesi mir dass d'Schätzunge vum initiale Budget no ënne revidéiert goufen ëm ca. 400.000.- €. Dëst ass haaptsächlech bedéngt duerch Annuitéiten & Zënsen, déi ursprénglech op dat ganzt Kalennerjoer 2022 gerechent an duerno no ënne revidéiert goufen, well den Emprunt eréischt Enn 2022 gemaach huet misse ginn.

Wann een awer den Total général vun de Codes fonctionnels analyséiert stellt sech eraus, dass d'Estimatiounen, déi fir dat lafend Joer virgesi waren net wäit ausernee leien.

Drënner hu mir dann den Excédent total, wou mir eng Estimatioun vun + 5.300.000.- € méi wéi virgesinn am Budget rectifié, wat sech natierlech doduerch erklärt dass mir en Emprunt vu 6.000.000.- € gezunn hunn an dës Zomm momentan bei eis am Crédit stinn.

*Ce tableau reflète les prévisions du budget ordinaire initial respectivement rectifié lors de l'exercice 2022. Nous remarquons que les prévisions sont quasi identiques à celles prévues dans le budget initial. La différence de 450.000.- € s'explique par le fait que l'FDGC indique un plus de 3,3% par rapport au compte 2021, donc une recette supplémentaire de 350.000.- € pour la commune.*

*Les dépenses ordinaires montrent que les estimations du budget initial ont été revues à la baisse, d'environ 400.000.- €. En cause sont les annuités et les taux d'intérêt calculés sur l'ensemble de l'année 2022 et finalement revus à la baisse, l'emprunt ayant dû être effectué fin 2022.*

*Cependant, si l'on analyse le total général des codes fonctionnels, nous remarquons qu'il n'y a pas de grandes différences avec les estimations prévues pour l'année en cours.*

*Au niveau de l'excédent total, nous remarquons qu'une estimation d'environ 5.300.000.- € de plus avait été prévue dans le budget rectifié. Ceci s'explique évidemment par l'emprunt de 6.000.000.- €, dont la somme figure actuellement dans notre crédit.*

# Budget ordinaire 2023

| | Budget 2023 |
|---|---|
| **Total des recettes ordinaires** | 11.240.276,48.- € |
| **Total des dépenses ordinaires** | 9.288.355,00.- € |
| **Excédent propre à l'exercice 2023** | 1.951.921,48.- € |
| **Excédent présumé exercice 2022** | 5.579.244,67.- € |
| **Excédent total** | 7.531.166,15.- € |
| **Transfert de l'ordinaire à l'extraordinaire** | 7.250.210,00.- € |
| **Excédent présumé fin 2023** | 280.956,15.- € |

Bei dëser Tabell handelt et sech ëm d'Previsioune fir de Budget ordinaire 2023. Mir stelle fest dass mir e grousse Sprong no uewe maache géigeniwwer dem Budget rectifié vun 2022. Den FDGC klëmmt ëm ca. 500.000.- €. Dëst erklärt sech och erëm duerch d'Previsioune vun der Circulaire budgétaire:

- FDGC: +9,3% par Rapport zum Budget rectifié 2022, also ca. 500.000.- € méi. Wann een dëst mat dem Compte vun 2021 vergläicht, da stellt ee fest dass 2023 ca. 800.000.- € méi erakomme wéi nach virun zwee Joer.

Mir stelle fest dass bei den Dépenses ordinaires zousätzlech Ausgabe vun 1.361.000.- € par Rapport zum Budget rectifié 2022 stinn. Dës zousätzlech Ausgabe sinn ënnert anerem d'Salairë vum Personal (Zwou Indextranchë fir 2023), d'Energiepräisser déi klammen, d'Annuitéite souwéi Zënse vum Emprunt, d'gratis Kannerbetreiung, déi och eng Repercussioun op de Gemengebudget huet, de Bäitrag un de CGDIS wou mir eng Augmentatioun vu 37,7% hu par Rapport zu 2022, d'gratis Museksschoul, de Waasserpräis souwéi déi lafend Käschten, déi konstant steigen. A Prozenter ausgerechent ass et eng Augmentatioun vu 14,5% par Rapport zum Budget rectifié 2022. Well d'Gemeng oppasse muss, dass d'Dépenses ordinaires d'Recettes ordinaires net iwwerhuelen, musse mir an Zukunft méi virsiichteg mat eisen Investitioune sinn.

Doduerch entsteet en Excédent vum Exercice 2022 vun ca. 5.580.000.- €. Wann een deen zesummenhëlt mam Excédent vum Budget rectifié 2021, kënnt een op en Total vun ca. 7.531.166,15.- €. Rechne mir dësen Excédent vum Transfert ordinaire – extraordinaire of, dann hu mir e Boni vun ca. 281.000.- €.

*Ce tableau reflète les prévisions pour le budget ordinaire de l'année 2023. Nous constatons que nous faisons un grand saut vers le haut par rapport au budget rectifié de 2022. Le FDGC augmente d'environ 500.000.- €. Ceci s'explique par les prévisions de la circulaire budgétaire:*

- *FDGC: +9,3% par rapport au budget rectifié 2022, soit environ 500.000.- € de plus. En comparant cela avec les comptes de 2021, nous constatons qu'en 2023, nous enregistrerons environ 800.000.- € de recettes en plus qu'il y a deux ans.*


*Pour les dépenses ordinaires, nous apercevons 1.361.000.- € de dépenses supplémentaires par rapport au budget rectifié 2022. Cette dépense s'explique par l'augmentation des salaires du personnel (deux tranches d'indexation en 2023), la hausse des prix de l'énergie, les annuités et les taux d'intérêt du prêt, la garde d'enfants gratuite qui impacte le budget communal, la contribution au CGDIS, où nous enregistrons une augmentation de 37,7% par rapport à 2022, les écoles de musique gratuites, le prix de l'eau et les dépenses courantes en constante hausse. Il s'agit d'une augmentation de 14,5% par rapport au budget rectifié 2022. Comme la commune doit veiller à ce que les dépenses ordinaires ne dépassent pas les recettes ordinaires, nous devrons investir prudemment.*

*Il s'ensuit un excédent de l'exercice 2022 d'environ 5.580.000.- €. En le rajoutant à l'excédent du budget rectifié de 2021, nous obtenons un total d'environ 7.531.166,15.- €. En soustrayant cet excédent du transfert ordinaire – extraordinaire, il nous reste un boni d'environ 281.000.- €.*



D'Rue de la Montée zu Reckeng, Enn Januar 2023: Ufank vum Chantier fir d'Erneierung vun der Kanalisatioun. /
*La rue de la Montée à Reckange, fin janvier 2023: Début du chantier portant sur le renouvellement de la canalisation.*


## Evolution impôt commercial (ICC)




Dës éischt Grafik weist d'Entwécklung vum Gemengesteiersaz zënter der Reform vum ICC (impôt commercial communal). Et ass evident dass den ICC zënter der Gemengefinanzreform net méi zu den Haaptrecettë vun eiser Gemeng zielt an dass d'Kris och bei der Lëtzebuerger Industrie ukomm ass. D'Prognose par Rapport zum Compte 2021 si massiv no ënne revidéiert ginn: -8,10% par Rapport zum Compte 2021 fir den Exercice 2022 a -9,90% par Rapport zum Compte 2021 fir den Exercice 2023.

*Cette première infographie montre le taux d'impôt communal depuis la réforme de l'ICC (impôt commercial communal). Il est évident que l'ICC ne figure plus parmi les recettes principales des communes depuis la réforme des finances communales. La crise a également touché l'industrie luxembourgeoise. Les prévisions par rapport au compte 2021 ont été massivement revues à la baisse: -8,10% par rapport au compte 2021 pour l'exercice 2022 et -9,90% par rapport au compte 2021 pour l'exercice 2023.*


## Fonds de dotation globale des communes (FDGC)




Dës Grafik weist d'Entwécklung vun der Haaptrecette vun de Gemengen, de „Fonds de dotation globale des communes" (de fréieren „FCDF"). Am Géigesaz zum ICC weist d'Tendenz vum FDGC just no uewen. Ausser 2020, wou mir e Minus vu 4,8 % haten, ass dës Recette konstant geklomme fir dass mir elo 2023 eng Dotatioun vun ca. 9.350.000.- € virgesinn. Dës Dotatioun ass och bedéngt duerch de Wuesstem an eisem Land. Trotz dëse gudde Prognosen ass fir d'Zukunft Virsiicht gebueden an den Investissementer.

*Cette infographie illustre l'évolution de la recette principale des communes, le «fonds de dotation globale des communes» (anciennement «FCDF»). Contrairement à l'ICC, cette tendance ne cesse d'augmenter. Mise à part l'année 2020, où nous enregistrions une perte de 4,8%, cette recette a constamment augmenté et nous pouvons finalement prévoir une dotation d'environ 9.350.000.- € en 2023. Cette dotation est également due à la croissance dans notre pays. Malgré ces bonnes prévisions, nous continuons à investir, mais avec précaution.*

## Evolution service ordinaire




Dës Grafik weist d'Entwécklung vun eisem ordinäre Budget iwwert déi lescht 7 Joer. Mir kënne feststellen dass d'Recetten zënter 2017 ëmmer nëmme geklomme sinn (ausser 2020) fir 2023 op Rekordniveau ze leien. Op der anerer Säit sinn eis Depensen och permanent um Klammen. De Boni vum Exercice 2023 ass dëst Joer och net méi sou héisch, bedéngt duerch déi grouss Investissementer a lafend Projeten.

*Cette infographie montre l'évolution de notre budget ordinaire durant les 7 dernières années. Mise à part l'année 2020, nous constatons d'un côté que les recettes ne cessent d'augmenter depuis 2017 pour atteindre un niveau record en 2023. De l'autre côté, les dépenses augmentent constamment elles aussi. Cette année, le boni de l'exercice 2023 n'est plus aussi élevé, dû aux investissements importantes et aux projets courants.*

---

Administration communale
de Reckange-sur-Mess

# AVIS

Il est porté à la connaissance du public que le conseil communal de Reckange-sur-Mess, en sa séance du 10 novembre 2022, a **approuvé une modification du règlement de la circulation**, décision approuvée par Monsieur le Ministre de la Mobilité et des Travaux Publics le 29 novembre 2022 réf. cce/rc/avis/22/4658 et par Madame la Ministre de l'Intérieur le 7 décembre 2022, référence 322/22/CR.

Le texte de cette délibération est à la disposition du public à la maison communale, où il peut en être pris copie sans déplacement.

Reckange-sur-Mess, le 15 décembre 2022.


Le collège des bourgmestre et échevins

**Carlo Muller, bourgmestre**
**Robert Leclerc, échevin**
**Christian Tolksdorf, échevin**


Mat der CityApp Reckeng op der Mess ass déi ganz Gemeng an Ärer Täsch.
*Avec la CityApp Reckange-sur-Mess, toute la commune est dans votre poche!*

Lued se elo erof:
*Téléchargez-la maintenant:*

## Structures des dépenses ordinaires budget rectifié 2022




## Structures des dépenses ordinaires budget 2023




Dës Grafike stellen iech déi verschidde Rubricke vun den ordinären Depensë vir (code fonctionnel):

- **1. Services généraux des administrations publiques:** D'politesch Organer (Indemnitéit vum Schäfferot, Gemengerot, Walen, Kommissiounen, d'Coordination administrative, d'Coordination technique, d'Coordination des relations publiques, ressources non-affectées, opérations concernant les flux financiers). Dës maachen am Ganze **36,46%** vun den Dépenses ordinaires aus.
- **2. Protection sociale:** 3e Âge, Maison Relais, Maison des Jeunes, Précarité sociale **(9,26%)**.
- **3. Ordre et sécurité publics:** Do handelt et sech ëm de ganze Service secours **(1,62%)**.
- **4. Affaires économiques:** Agrikultur, Sylvikultur a Vitikultur, Tourismus, Transport **(2,62%)**.
- **5. Protection de l'environnement:** Offallgestioun, Ofwaassergestioun, Energiespuermoossnamen an Naturschutz **(15,47%)**.
- **6. Logements et équipements collectifs:** Places publiques, Voirie vicinale, Cimetières, Hygiène publique, Alimentation en Eau, Eclairage public an Autres logements et équipements collectifs **(14,95%)**.
- **7. Santé:** Dës Rubrik ass op **0,08%** (Défibrillateurs).
- **8. Loisirs, culture et culte:** Sportshalen, Sportsveräiner, aner Sportaarten, Kulturzenter a Festsäll, Conservatoires, Musekscoursen a Museksschoulen, aner kulturell Servicer, Cultes, Fêtes publiques an Autres loisirs, culture et culte **(8,51%)**.
- **9. Enseignement:** Enseignement fondamental, Encadrement périscolaire a Services annexes à l'enseignement **(11,03%)**.


Wa mir dat mam Budget rectifié 2022 vergläichen, kënne mir feststellen, dass et keng grouss Variatioune par Rapport zum Budget 2023 ginn.

*Cette infographie décline les différentes rubriques des dépenses ordinaires, selon le code fonctionnel:*

- ***1. Services généraux des administrations publiques:*** *Les organes politiques (indemnités du collège échevinal, conseil communal, élections, commissions, coordination administrative, coordination technique, coordination des relations publiques, ressources non-affectées, opérations concernant les flux financiers). Ces services constituent* ***36,46%*** *des dépenses ordinaires.*
- ***2. Protection sociale:*** *3e Âge, maison relais, maison des jeunes, précarité sociale* ***(9,26%)****.*
- ***3. Ordre et sécurité publics:*** *Il s'agit ici de la totalité du service secours* ***(1,62%)****.*
- ***4. Affaires économiques:*** *agriculture, sylviculture et viticulture, tourisme, transports routiers* ***(2,62%)****.*
- ***5. Protection de l'environnement:*** *Gestion des déchets, gestion des eaux usées, mesures d'économie d'énergie et protection de la nature* ***(15,47%)****.*
- ***6. Logements et équipements collectifs:*** *Places publiques, voirie vicinale, cimetières, hygiène publique, alimentation en eau, éclairage public et autres logements et équipements collectifs* ***(14,95%)****.*
- ***7. Santé:*** *Cette rubrique est à* ***0,08%*** *(Défibrillateurs).*
- ***8. Loisirs, culture et culte:*** *Halls Sportifs, associations sportives, autres sports, centres culturels et salles de fêtes, conservatoires, cours de musique et écoles de musique, autres services culturels, cultes, fêtes publiques et autres loisirs, culture et culte* ***(8,51%)****.*
- ***9. Enseignement:*** *Enseignement fondamental, encadrement périscolaire et services annexes à l'enseignement* ***(11,03%).***

*En comparant ces chiffres au budget rectifié 2022, nous constatons qu'il n'y a que peu de variations par rapport au budget 2023.*

## Répartition charges salariales contre autres dépenses




Dës Grafik vergläicht d'Personalkäschte mat dem Volet „Autres dépenses" aus dem Budget ordinaire. Aus follgende Grënn sinn dës Zuelen iwwert déi lescht Jore relativ konstant an d'Luucht gaangen, géigeniwwer den Dépenses ordinaires:

- Neie Kollektivvertrag dee fir d'Aarbechter eng Prime unique vun 1% vum Joresgehalt virgesäit fir 2022, 2023 an 2024
- Eropsetze vu verschiddene Karriären
- Nei Grille de Salaire
- Progressiv Erhéijung vun der Prime de Permanence
- Astellung vu 4 Gemengenaarbechter 2022
- Minimum 2 Indextranchë fir 2023

Des Depensë wuesse vun 2022 op 2023 ëm 18%.


*Cette infographie compare les charges salariales au volet «autres dépenses» du budget ordinaire. Par rapport aux dépenses ordinaires, ces chiffres ont constamment augmenté durant les dernières années pour les raisons suivantes:*

- *Nouvelle convention collective pour les ouvriers, qui prévoit une prime unique d'1% du salaire annuel pour les années 2022, 2023 et 2024*
- *Revalorisation de certaines carrières*
- *Nouvelle grille de salaire*
- *Augmentation progressive de la prime de permanence*
- *Engagement de 4 ouvriers communaux en 2022*
- *Minimum deux tranches d'indexation prévues en 2023*

*Ces dépenses augmentent de 18% de 2022 à 2023.*

*

## Evolution de la charge salariale de la commune



# Budget extraordinaire 2022

| | Budget initial 2022 | Budget rectifié 2022 |
|---|---|---|
| **Total des recettes extraordinaires** | 12.348.570,00.- € | 12.806.570,00.- € |
| **Total des dépenses extraordinaires** | 15.636.100,00.- € | 15.037.300,00.- € |
| **Mali propre à l'exercice 2022** | -3.287.530,00.- € | -2.230.730,00.- € |
| **Boni/Mali compte 2021** | 0.- € | 0.- € |
| **Mali total** | -3.287.530,00.- € | -2.230.730,00.- € |
| **Transfert de l'ordinaire à l'extraordinaire** | 3.287.530,00.- € | 2.230.730,00.- € |
| **Boni/Mali présumé fin 2022** | 0.- € | 0.- € |

Dës Tabell beschäftegt sech mam extraordinäre Budget 2022. Mir gesinn dass d'Previsioune relativ no beim Budget rectifié leien. D'Subside si gréisstendeels liquidéiert, sou dass eis Investissementer och esou realiseiert goufe wéi mir dat geplangt haten.

Wann ee sech uschléissend d'extraordinär Depensen ukuckt, gesäit een dass mir vum Initialen op de Rectifié quasi konstant bleiwen. Mir gesinn dass vill Projete lafen an och vill investéiert gëtt.

*Ce tableau concerne le budget extraordinaire 2022. Nous notons que les prévisions sont très proches du budget rectifié. Les subsides ont majoritairement été liquidés, de sorte à pouvoir réaliser nos investissements comme prévus.*

*En portant le regard sur les dépenses extraordinaires, nous voyons des valeurs quasi constantes entre l'initial et le rectifié. De nombreux projets sont en cours d'exécution et les investissements sont importants.*

# Budget extraordinaire 2023

| | Budget 2023 |
|---|---|
| **Total des recettes extraordinaires** | 10.225.520,00.- € |
| **Total des dépenses extraordinaires** | 17.475.730,00.- € |
| **Mali propre à l'exercice 2023** | -7.250.210,00.- € |
| **Boni/Mali présumé exercice 2022** | 0.- € |
| **Mali total** | -7.250.210,00.- € |
| **Transfert de l'ordinaire à l'extraordinaire** | 7.250.210,00.- € |
| **Boni/Mali présumé fin 2023** | 0.- € |

Zum Schluss werfe mir e Bléck op de Budget extraordinaire 2023. Et fält direkt op dass d'extraordinär Recettë relativ héisch chiffréiert sinn. Dëst ass doduerch bedéngt, dass d'Gemeng bei 2 gréisser Projeten alles virfinanzéiert (Kollekter & Réckhaltebaseng zu Reckeng), fir herno en Deel vun der Dippecher Gemeng an der AGE rembourséiert ze kréien. Och bei den Dépenses extraordinaires leie mir op engem Rekordniveau.

Mir loossen iech eng Selektioun vun dëse Projeten op den nächste Säiten entdecken.

*Finalement, jetons un coup d'œil sur le budget extraordinaire 2023. Nous remarquons que les recettes extraordinaires sont relativement hautes. Ceci s'explique par le fait que deux grands projets ont été complètement préfinancés par la commune (collecteur d'eaux usées et bassin de rétention d'eau à Reckange), et qui sera en partie remboursée par la commune de Dippach et l'AGE. Nous atteignons un seuil record au niveau des dépenses.*

*Découvrez une sélection de ces projets sur les pages suivantes.*

# D’Haaptprojete
# vum extraordinäre Budget 2023

# *Les projets phares du budget extraordinaire 2023*

Op den nächste Säite fannt dir eng Selektioun u Projeten.

*Vous trouverez sur les pages suivantes une sélection de projets.*

## Eis zukünfteg Chantieren
## *Nos chantiers à venir*

KlimaPakt EUROPEAN ENERGY AWARD
Meng Gemeng engagéiert sech

Thema: Klimawandelupassung
*Domaine: adaptations aux changement climatique*

### Staarkreen-Etude vun der Gemeng Reckeng op der Mess
Projet an Zesummenaarbecht mam Waasserwiertschaftsamt


### *Etude hydraulique de la commune de Reckange-sur-Mess*
*Projet en coopération avec l'Administration de la Gestion de l'Eau*



Virun den Aarbechten
(Fiktiv Situation vun Iwwerschwemmungen)

*Avant les réaménagements*
*(situation fictive d'inondations)*

No den Aarbechten
*Après les réaménagements*






D'Iwwerschwemmunge vum 14. Juli 2021.
*Les inondations du 14 juillet 2021.*


*Les mesures proposées sont actuellement à l'étude et doivent être approuvées par d'autres instances, comme l'administration de la gestion de l'eau, le Ministère de l'Environnement et les Ponts et Chaussées.*

# Geplangte Moossnamen
## *Mesures envisagées*

### *Création d'un mur anti-crue en amont du pont Rue de Roedgen*








Mam Bau vun däser klenger Mauer kéint ee vermeiden, dass d'Héichwaasser op d'Strooss eriwwerleeft. D'Reamenagement vun der Bréck a seng hydraulesch Kapazitéit géingen e bessert Oflafe vum Waasser erméiglechen, well d'Waasser dann net esou laang virun der Bréck staut.

*Ce muret étanche permettrait d'éviter l'écoulement des eaux sur la route en cas de niveau élevé. Un réaménagement du pont et l'augmentation de sa capacité hydraulique permettraient de favoriser l'écoulement des eaux et d'éviter tout problème de surcharge en amont du pont.*

### *Augmentation du diamètre de la canalisation sous la Rue de Roedgen*






Am Fall vun engem Jorhonnerthéichwaasser (HQ100) ass d'Kanalisatioun a sengem aktuellen Zoustand net kapabel d'Waasser vum Zoufloss Richtung Mess ze lenken ouni iwwerzelafen. Eng Vergréisserung vun hirem Duerchmiesser wier ubruecht fir den Iwwerlafrisiko ze minimiséieren an domat d'Stroossen a Wunnengen aus der Ëmgéigend ze schützen.

*Dans son état actuel, la canalisation, censée diriger les eaux de l'affluent vers la Mess, est incapable d'évacuer toutes les eaux en situation de crue centennale (HQ100). Une augmentation de son diamètre est recommandée afin d'éviter les risques de débordement du canal bétonné en amont et l'inondation des rues et habitations adjacentes.*

### *Modification du Pont Rue de Limpach & création d'une digue et d'un by-pass*






Mat däser Moossnam, kombinéiert mat deenen zwou hei uewendriwwer, kéint een d'Iwwerschwemmung vun der Rue de Limpach an hiren Niewestroosse vermeiden. Hei géing och déi hydraulesch Kapazitéit vun der Bréck erhéicht gi wann een de betonéierte Schacht bis an d'Fondatioun ofbaue géing. De Bau vun engem Schutzdamm laanscht d'Rue de Limpach géing en zousätzlechen, zouene Waasserbaseng kreéieren, deen duerch e By-Pass (DN1200) vervollstännegt géing ginn.

*Cette mesure, en combination avec les deux précédentes, éviterait une inondation de la Rue de Limpach et des rues adjacentes. Elle consiste à augmenter la capacité hydraulique du pont par la destruction de la semelle bétonnée jusqu'à la fondation. De plus, la création d'une digue de protection aux abords de la rue de Limpach, créerait une zone de rétention volontaire et délimitée, qu'un ouvrage de régulation (by-pass DN1200) viendrait compléter.*

## Installatioun vun engem Iwwerschwemmungs-Iwwerwaachungssystem

### *Installation d'un système de surveillance des crues*








4 Basisstatiounen
6 Pegelmoossplazen
6 Kanalmoossplazen

*Pilotprojet an Zesummenaarbecht mam Waasserwirtschaftsamt: 2022 geplangt, trëtt dëse Projet am Joer 2023 a Kraaft.*

*Projet pilote avec le soutien de l'Administration de la Gestion de l'Eau: Planification en 2022 et mise en service en 2023*

# Rappel

**Subsides**

max.
1.500 €*
- *batardeaux anti-inondations*
- *systèmes de clapets anti-retours*

max.
1.000 €*
- *systèmes de rétention d'eau*

* Offre soumise à conditions. Voir règlement.

A senger ëffentlecher Sëtzung vum 9. Dezember 2021 huet de Gemengerot eestëmmeg e Gemengereglement geneemegt, deen d'Modalitéite fir den Erhalt vu Subventioune festhält, **am Fall wou e Bierger an Héichwaasserschutzariichtung investéiert huet oder wëll**. Dës Zouschléi wende sech un all déi Matbierger vum Territoire vun der Gemeng Reckeng op der Mess, déi hiert Doheem mat engem vun dëse Systemer ausstatten a schütze wëllen. D'Reglement an de Formulaire fannt Dir op eisem Internetsite.

*Durant sa séance publique du 9 décembre 2021, le conseil communal a approuvé à l'unanimité d'arrêter un texte réglementaire portant sur **le subventionnement d'investissements dans des installations de protection contre l'eau en cas d'inondations**. Ce règlement s'adresse à tous les citoyens du territoire de la commune de Reckange-sur-Mess souhaitant protéger leur domicile par le biais de ces systèmes. Le règlement et le formulaire se trouvent sur notre site.*

## Verkéiersberouegungszon zu Lampech

KlimaPakt – Meng Gemeng engagéiert sech


Thema: Mobilitéit / *Domaine: mobilité*

Den Deel tëschent dem Kierfecht an der aler Schoul an der Rue Centrale zu Lampech gëtt zu enger Verkéiersberouegungszon: Verengung vun de Spueren, Ausbreede vun den Trottoiren, Buedemschwellen, Zebrasträife mat Signalisatioun a Reamenagement vun der Plaz virun der Kierch.

## *Zone de modération du trafic à Limpach*

*Le tronçon entre le cimetière et l'ancienne école dans la rue Centrale à Limpach sera aménagé de sorte à ralentir et à modérer le trafic: Rétrécissement de la voie, élargissement des trottoirs, ralentisseurs, passages piétons avec signalisation et réaménagement de la place devant l'église.*





## Bau vun der neier Maison Relais / Construction de la nouvelle Maison Relais



D'Maison Relais wäert 250 Kanner aus all de Cyclen empfänke kënnen. D'Aarbechte schreide virun, mee se hu viraussiichtlech eng Verspéidung vun dräi Méint, déi bei d'Rentrée 2023/2024 dobäigerechent muss ginn.

*La Maison Relais accueillera 250 enfants issus de tous les cycles. Elle sera mise en service pour la rentrée 2023/2024. Les travaux avancent à grands pas, mais sont sujet à un probable retard de trois mois s'ajoutant à la rentrée 2023/2024*

## Eis aktuell Chantieren
## *Nos chantiers en cours*

## Amenagement vun der Plaz bei der aler Schoul zu Éileng

Fir den Duerfkär opzewäerte gouf eng ëffentlech Plaz virun der aler Spillschoul amenagéiert.

## *Aménagement de la place devant l'ancienne école d'Éhlange*

*Pour revaloriser le centre du village, une place publique a été aménagée devant l'ancienne école d'Ehlange.*





## Den Ofwaasserkollekter Reckeng-Éileng / Le collecteur d'eaux usées Reckange-Éhlange

Den Duerchstouss ënnert der Autobunn A4 am Abrëll a Mee 2022.

*Le fonçage sous l'autoroute A4, en avril et mai 2022.*







---

KlimaPakt Meng Gemeng engagéiert sech

Thema: Mobilitéit / *Domaine: mobilité*

## Amenagement vun der Bushaltestell „Wäschbuer“ zu Piisseng
## *Aménagement de l'arrêt de bus «Wäschbuer» à Pissange*





- Ofgeséchert Reamenagement vun der Bushaltestell mat Haischen.
- D'Trottoire gi vervollstännegt.
- Zebrasträifen an nei Stroossebeliichtung wäerten zur Sécherheet vun de Foussgänger a Passagéier bäidroen.

- *Aménagement sécurisé de l'arrêt de bus avec un abris.*
- *Les trottoirs seront complétés.*
- *Un passage piétons et un nouvel éclairage contribueront à la sécurité des piétons et passagers.*





De Messwee tëschent Reckeng an Éileng. /
*Le Sentier Mess entre Reckange et Éhlange.*

KlimaPakt
Meng Gemeng engagéiert sech

Thema: Mobilitéit / *Domaine: mobilité*

---

## Eis ofgeschlosse Chantieren
## *Nos chantiers achevés*

KlimaPakt
Meng Gemeng engagéiert sech

Thema: Bildung / *Domaine: éducation*








De Reckenger Léiergaart. / *Le jardin pédagogique de Reckange.*

Administration communale
de Reckange-sur-Mess